



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n 7668/7548 vum 24. Februar 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.

Wéi laang dauert de Schantjen, deen zu dëser Verspéidung féiert, viraussichtlech nach?

Am Kader vun der Transversale vu Clierf muss den Ament e Rondel (N18/CR334) amenagéiert ginn. Fir dëse bauen ze kënnen, muss awer fir d'éischt eng Plattform amenagéiert ginn esou datt den CR334 op enger Längt vun 150 Meter progressiv ëm 5 Meter erhéicht gëtt.

Dës Aarbechte lafen esou weit wéi geplangt. Wann d'Aarbechte weiderhin esou gutt viru kommen, an ënnert der Konditioun datt d'Wieder gënschteg bleift, missten dës am Abrëll 2023 fäerdeg sinn.

Wat ass virgesinn, fir d'Situatioun ze verbesseren an dofir ze suergen, dass d'Schüler mat Zäiten am Lycée sinn?

Aktuell leeft d'Ëmleedung iwver Boxer/Lenzweiler. Den Ëmwee deen dorausser resultéiert entsprécht ongeféier 8 Minutten.

Zousätzlech ass ze betounen datt d'Aarbechte just vu kuerzer Dauer sinn an et och leider net méiglech ass d'Aarbechten anescht auszuféieren.

Gouf et méttlerweil eng Konzertatioun tëscht der Administration des Ponts et Chaussées, der Gemeng an dem Mobilitéitsministère zu deem Thema?

D'Stroossebauverwaltung huet bis elo nach keng Reklamatioune säitens der Gemeng oder de Bierger zu dësem Thema kritt, esou dat et nach keng Konzertatioun tëscht den zoustännegen Acteure gouf.

Lëtzebuerg, den 16. Mäerz 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch